Diddeleng, den 10. Juni 2024

Un den Här Buergermeeschter
an un de Schäfferot vun der Stad Diddeleng

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen,

Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu follgende Froe Stellung ze huelen. Profitéiere wollte mär vun der Preface, fir kloer ze stellen, dass mär der Meenung sinn, dass wuel all Bierger*in selwer decidéiere soll wat hien/si consomméiere wëll a wat net. Och si mär der Meenung, dass Geschäfter, déi Produite verkafen, déi laut Wëssenschaft ongesond sinn, respektiv a Moossen ze consomméiere sinn, hier Dosinnsberechtegung hunn. D'Demande a Geschäftsiddie maachen och, dass Foodtrucks an dem Sënn hier Dosinnsberechtegung hunn. Eis irritéiert, dass d'Gemeng Initiator ass fir en Event, wou ausschliisslech ongesond Iesse verkaf gëtt, et promouvéiert an ëffentlech finanzéiert.

Am Blietchen vum 15. Mee 2024, gouf Reklamm gemaach fir dat sou genannte Sweet Event, wat de 25.5. an 28.9. soll statt fannen (Annexe 1). Am Budget rectifié vun 2023 huet d'Sweet Event mat 25.000 € zu Buch geschloen. Läscht Joer war d'Event de 27.5. (vun 13 bis 20 Auer) an den 28.5. (vun 13 bis 18 Auer). Dëst Joer sinn 20.000 € am Budget virgesinn. Laut Budget sollt et just de 25.5. statt fannen an 20.000 € kaschten (Annexe 2).

- Wat sinn déi eenzel Posten, wou déi 20.000 € zesumme stellen?
- Wéi erkläert de Schäfferot d'Differenz vun 5.000 € wou d'Sweet Event méi gënschteg soll gi wéi 2023, wëssend, dass Energiekäschten a Präisdeierecht all an Tëschenzäit erop gaange sinn?
- Wéi erkläert de Schäfferot, dass d'Fest op zwee verschiddenen Weekender méi gënschteg gëtt ewéi d'läscht Joer, wou et op dem sellwechte Weekend war?

An senger Interpellatioun an der Chamber zur Obesitéit an eiser Gesellschaft, den 19.3.2024, huet den Député-Maire d'Gefore vun ongesonden Iessgewunnechten duer geluecht. D'LSAP hat d'Iddi vun enger Besteierung op ongesonden Liewensmëttel wollten ustoussen. Liewensmëttel mat héijem Zocker-, Salz- a Fettgehalt waren hei viséiert (Annexe 3).

- Wéi ass d'Partei-Positioun vun der absolutter Majoritéit vereinbar mat der Organisatioun vun engem Sweet Event?
- Gouf dësen Event mat "gesond Diddeleng" diskutéiert? A wa jo wat war hier Positioun?
- Wëssend, dass esou wuel an der Interpellatioun vum 19.3.24 Referenz op d'Schoulmedezin aus "enger nostoender Gemeng" gemaach ginn ass, dass am Rapport vun der Diddelenger Schoulmedezin (virgestallt der Schoulkommissioun vum 8. Februar 2024) eraus kënnt, dass

Obesitéit an Iwwergewiicht och bei eise Schoulkanner e Sujet duerstellt, hu mär eis gefrot: Gouf de Service vun der Schoulmedizin ëm hiren Avis gefrot? Wann jo, wéi war hier Positioun hei?

An der uewen zitéierter Interpellatioun ass et och em d'Reklammen an de Marketing gaangen, deenen d'Leit ausgesat sinn, och en Impakt op d'Loscht hunn, déi ongesond Produiten ze consomméieren. Hei misst dem Député-Maire no, d'Publicitéit besser encadréiert ginn, fir de Konsument besser ze schützen. Déi previsionnel ronn 45.000 € op 2 Joer, wou de Schäfferot ausgëtt fir d'Promotioun vum ongesonden Iessen, stinn an eisen Aan an absoluttem Widdersproch zu de genannten Aussoen. An dem Kontext wollte mär froen:

- Wéi ass et ze erklären, dass am Numm vum Schäfferot op Din A4 Format am toutes boites "Blietchen" an a sämtlechen Uertsafahrten Reklamm fir en Event gemaach gëtt wou ebe grad déi beschriwwen ongesond Produiten verkaf ginn?

Zum éischten Event vum 25.5.2024 selwer wollte mär wëssen ob d'Gemengereglement zur Organisatioun vu Manifestatiounen am ëffentleche Raum, dat den 1. Mäerz 2022 a Kraaft getrueden ass (Annexe 4), respektéiert ginn ass.

- Goufe keng Plastiks Einweg Becheren, Besteck o.ä. gebraucht?
- Bei der Promotioun war kee Label "Green Event" ze gesinn. Wisou?
    - Am Fall wou et keen sou genannten "Green Event" war, wisou konnt et awer statt fannen ënnert der Organisatioun vun der Gemeng?
    - An dem genannte Fall, wat war d'Consigne un d'Commerçanten?
    - Hunn d'Commerçanten hier Offäll nees mat zréck geholl?

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss,

Semiray Ahmedova — conseillère communale

Yves Steffen — conseiller communal

Annexe 1 - Annonce Bliedchen 15.5.2024

Annexe 2 - Extrait Budget 2024

Article	DEPENSES ORDINAIRES	Montants portés au compte de 2022	Montants autorisés en 2023	Budget rectifié 2023 Montants votés par le Conseil communal	Budget de 2024 Montants votés par le Conseil communal	Budget rectifié 2023 Montants modifiés par le Ministre	Budget de 2024 Montants modifiés par le Ministre
3/860/	**860 Fêtes publiques**						
	Place HDV						
	-> Fusion des 2 articles MARCHE DU MONDE et FETES DES CULTURES (2024)						
615241/99010	*SUMMER, SPILL A SPAASS*	15 481,36	20 000,00	15 000,00	20 000,00		
	* 14.07.2024 Parc Le'h						
615241/99011	*FETE DES VOISINS*	1 500,00	1 500,00	1 500,00	2 000,00		
	* 31.05.2024						
615241/99012	*MARCHE DE NOEL*	107 272,14	125 000,00	125 000,00	125 000,00		
	* 08 - 17.12.2023 / 06 - 15.12.2024 -> Marché de Noël traditionnel et médiéval Place HDV et parvis autour de l'Eglise 25.11 - 17.12.2023 / 23.11 - 15.12.2024 -> Marché d'hiver Place Am Duerf						
615241/99013	*DUDELANGE ON WHEELS*	9 800,00	10 000,00	10 000,00	10 000,00		
	* 01 + 02.06.2024 Skate-Park / Usina						
615241/99014	*NUIT DES SPORTS*	0,00	15 000,00	15 000,00	15 000,00		
	* 08.06.2024 Centre Sportif René Hartmann						
615241/99015	*SWEET EVENT*	0,00	24 250,00	25 000,00	20 000,00		
	* 25.05.2024 Centre-Ville						
615241/99016	*SUMMEREVENTS "WEI AM SÜDEN"*	0,00	5 000,00	5 000,00	10 000,00		
615241/99018	*FAMILLJENDAG*	19 206,32	20 000,00	20 000,00	25 000,00		
	* 01.06.2024 Place HDV						
615241/99019	*EVENEMENTS SPORTIFS - GRAND PUBLIC*	13 447,85	20 000,00	20 000,00	20 000,00		
	* suivant programme à définir Public Viewing EM 2024 Football - Place HDV						

Annexe 3 - Link zur genannter Interpellatioun

https://www.chd.lu/fr/seance/2920

Annexe 4 - Règlement communal relatif à l'organisation de manifestations dans l'espace public et dans les bâtiments communaux de la Ville de Dudelange

https://sadudelangedata.blob.core.windows.net/files/2022/04/2021.10.01-MANIFESTATIONS-PUBLIQUES-Reglement-relatif-a-lorganisation-de-manifestations-dans-lespace-public-et-dans-les-batiments-communaux.pdf